N°572
Entrée le 13.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 572 vum 4. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Aus wéi ville Membere besteet de Comité d'éthique vum CHL insgesamt a firwat ginn net alleguer d'Membere vum Comité op der Website genannt?*

De Centre Hospitalier de Luxembourg (CHL), den Institut national de chirurgie cardiaque et de cardiologie interventionnelle (INCCI) an d'Haus Omega hunn e gemeinsame comité d'éthique hospitalier (CEH), den aus 17 Membere besteet, 3 membres associés an engem Secrétaire administratif.

Dëse Comité funktionéiert no engem règlement interne. No enger interner Decisioun, ginn nëmmen de President, Vize-President a Secrétaire vum CEH um Internetsite affichéiert.

*2. Wou steet dëse Comité am Organigramm vum CHL respektiv ass en der Direktioun ugegliddert oder handelt et sech ëm eng Cellule libre?*

Et handelt sech ëm en onofhängege Gremium deen seng Avis'en fräi an onofhängeg vun de jeeweilege Spideeler formuléiert, gemäss Artikel 26 (3) vum Spidolsgesetz.

*3. Wat sinn d'Konditiounen, fir kënne Member vum Comité ze ginn? Ginn et Incompatibilitéiten?*

D'Membere gi vun den Ariichtungen ausgewielt ënnert den Dokteren an / oder dem Personal esou wéi och externe Perséinlechkeeten a Funktioun vun hire Kompetenzen am medezineschen, etheschen, sozialen oder juristesche Beräich.

Et kënne sougenannte membres associés genannt ginn a Funktioun vun hire spezifesche Kompetenzen, déi awer kee Stëmmrecht hunn. Den CEH kann och op en externen Expert zeréckgräife wann seng Kompetenzen an engem spezifeschen Dossier gebraucht ginn.

E Member vun der Direktioun kann net Member vum CEH sinn.

Am Fall vun engem Interessekonflikt an engem bestëmmten Dossier, siégéiert de betraffene Member an deem speziellen Dossier net.

*4. Wéi vill Avisen huet de Comité d'éthique pro Joer geschriwwen? Wou kënnen dës Avisen nogekuckt ginn?*

E spezifeschen Avis gëtt exklusiv un den Demandeur weidergeleet. Laut Artikel 26 (4) vum Spidolsgesetz sinn des Avis'en confidentiel an net bannend. D'Déliberatiounen dozou sinn demno och confidentiel.

E generellen Avis gëtt souwuel un den Demandeur wéi och un d'Generaldirektioune vun den dräi Etablissementer weidergeleet.

Den CEH decidéiert wat vir eng Saisine vu generellem Interessi fir d'Institutioune sinn an ob des Avis'en an de jeeweilegen Institutiounen anonym kënne publizéiert ginn.

*5. Wéi eng Schrëtt kann eng Persoun ënnerhuelen, wa si sech beim Comité d'éthique wéinst engem Problem mellt, vun dësem awer keng Äntwert kritt?*

Jiddereen (Member vum Personal, Famill, Patient, etc.) kann eng offiziell Saisine beim President areechen.

All Saisine, och déi déi net zréckbehale ginn, ginn de Membere virgeluecht an dëst am Sënn vun enger kompletter Transparenz.

Déi Saisinen déi net zeréckbehale goufen, sinn déi bei deenen et sech net em en ethesche Konflikt handelt, wéi zum Beispill Kommunikatiounsproblemer.

Jiddereen deen den CEH offiziell saiséiert huet, kritt eng Äntwert, och wann d'Demande net zeréckbehale gouf.

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez